# Gesetz iwwert d'lëtzebuerger Nationalitéit (20/10/2006)



**Carte Blanche:**
**Denis Scuto**

---

Zënter dass duerch Leit wéi de Roland Barthes oder den Umberto Eco d'Disziplin vun der Semiotik - der Theorie vun den Zeechen - international bekannt ginn ass, wësse mer dass verschidde Phänomener aus dem Alldag awer och aus der Politik eigentlech Zeeche kënne sinn vun eppes ganz anescht.

D'Gesetz zur Lëtzebuerger Nationalitéit ass dofir e gutt Beispill. Op den éischte Bléck menge mer, dass dëst Gesetz ausgeschafft gëtt fir festzeleeën ënner welche Bedingungen en Ausländer Lëtzebuerger ka ginn respektiv déi duebel Nationalitéit ka kréien.

Wann ee méi genee hikuckt stellt een awer fest, dass et guer net ëm déi Critère geet, mee vill méi ëm d'Fro, wéi eng Gemeinschaft, an dësem Fall d'Lëtzebuerger, sech selwer definéiert. Dat ass och net nei. A Saachen Nationalitéit hat bis an d'70er Joren d'Lëtzebuerger Fra keng Rechter. Si krut dem Mann seng Nationalitéit. Dat huet eigentlech géint d'Interesse vum Land verstouss, well jo Lëtzebuerg seng eege Meedecher am Fall vum Mariage mat engem Ausländer zu Auslännerinne gemaach huet. Och do ass et u sech net ëm d'Nationalitéit gaang, mee ëm d'Stellung vun der Fra an der Gesellschaft. An déi war bis an d'70er Joren dem Mann ënnergeuerdent.

Haut versiche mer iwwert e Gesetz, net zum Sproochegebrauch, mee zur Nationalitéit eis selwer an de Leit dobaussen ze weisen, dass eng Sprooch dëst Land auszeechent, déi vun Dicks a Lentz. 20 Joer an dräi Gesetzer waren néideg, fir dass praktesch all Partei an net nëmmen CSV an ADR sech dat op de Fändel schreift. Ech si gespaant op den Avis vum Statsrot, deen nach virun 20 Joer zurecht gesot hat, dass ee misst nuancéieren, dass et zum Beispill ganz schwéier wier, fir auslännesch Bau-Aarbechter, déi déi ganz Woch haart schaffen, an do nëmmen op hir Mammesprooch an d'Franséischt zeréckgräifen, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Hir Integratioun géif sech un den Déngschter moossen, déi se beruflech dem Land leeschten an un de Kanner an Enkelkanner déi se dem Land ginn, Kanner déi souwisou lëtzebuergesch kéinten. Och huet de Statsrot deemools op eis villgeluefte Villsproochegkeet higewisen an huet sech géint déi exklusiv Betounung vum lëtzebuergeschen ausgeschwat.

Ech fannen, et ass en interessant Zeechen, dass an engem Land wou sech an zwanzeg Joer d'Zuel vun den Ausländer bal verduebelt huet, wou nieft dem lëtzebuergeschen, dem däitschen an dem franséischen och nach d'englescht zur Ëmganksssprooch ginn ass, d'Parteien quasi unisono dem lëtzebuergeschen d'Exklusivrechter wëlle gi fir an de Club vum roude Léif eranzekommen.

Ass et en Zoufall, dass mer zur Zäit souguer opgeruff gi fir a prämodern Zäiten zeréckzegoen, wei beim Fändel mam roude Léiw? Dee Wopen ass vläicht méi schéin, mee staamt aus enger Zäit, dem Mëttelalter, wou iwwer 90 Prozent vun der Bevëlkerung näischt ze radetten haten, während eisen Tricolore net op Holland hiweist, wéi ëmmer erëm behaapt gëtt, mee op d'franséisch Revolutioun, wou eis demokratesch Rechter vun haut erkämpft gi sinn. E weist hinn op eng Zäit wou d'Natiounen entstanen sinn an nach dat hate wat eis haut dramatesch feelt, e gemeinsame Projet.
Dee Projet haut kann net sinn, dass Lëtzebuerger Angscht hunn oder Angscht gemaach kréie fir hir Zukunft oder déi vun hirer Sprooch, mee dass se sech opmaachen an domat och hir Nationalitéit. Zum Beispill fir déi iwwer 30.000 Auslänner, déi hei am Land gebuer sinn, an d'Schoul ginn oder gaange sinn an dofir eis Lieblingssprooch souwisou schwätzen.